MAISON DU GRAND-DUC

**Communiqué de presse**
Service Presse et Communication
1. Oktober 2025



# Presentatioun vun den neie Suitte vun der zukünfteger groussherzoglecher Koppel

En Vue vum Trounwiessel, huet d'Maison du Grand-Duc d'Éier déi nei Suitte vum zukünftege Grand-Duc Guillaume an der zukünfteger Grande-Duchesse Stéphanie virzestellen.

D'Roll vun den Dames d'honneur an de Chambellanen ass am Fong benevole a repräsentativ. Si besteet doran, de Grand-Duc an d'Grande-Duchesse bei offiziellen Aktivitéiten a Receptiounen ze begleeden, dorënner fale Staatsvisitten an d'Festivitéiten am Kader vun Nationalfeierdag.

D'Suitte ginn awer och gefrot, de Grand-Duc op verschidden Evenementer ze vertrieden. Donieft kënne si vun der groussherzoglecher Koppel zu hirem Wëssen an hiren Erfahrungen, déi si an deem Secteur hunn, an deem si aktiv sinn, konsultéiert ginn.

Weider Nominatioune wäerten an den nächste Méint nokommen.

| | |
|---|---|
|  | **Colonel Henri Chrisnach**<br>Fréieren Aide-de-Camp vun der *Maison grand-ducale* |
|  | **Monsieur Antoine Clasen**<br>Generaldirekter bei Caves Bernard-Massard |
|  | **Madame Stéphanie Damgé**<br>Directrice Entrepreneuriat vun der Chambre de Commerce |
|  | **Monsieur Raoul Schaaf**<br>President vum CA vun der CNDS (Comité National de Défense Sociale) |